N°4876
Reçue le 19.08.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.08.2021

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Nodeems e fréiere Journalist an engem Parking iwwerfall ginn ass an dat a sengem Blog beschriwwen huet, ass den Thema vun den Iwwerfäll a vun der Nationalitéit vun de Kriminelle nees méi an de Virdergronn geréckelt. Den Här huet elo weider Detailer op sengem Blog publizéiert, déi och d'Regierung missten interpelléieren.

1. Ass et richteg, datt déi Leit, déi am Zesummenhang mat dësem Iwwerfall verhaft goufen, nordafrikanescher oder, méi präzis, tunesescher Ofstamung oder Nationalitéit sinn?
2. Sinn déi Detailer, déi d'Bierger kéinte viru méigleche Gefore warnen, ëffentlech gemaach ginn?
3. Wat ass hire Statutt an Europa, mat wéi engem Recht hale si sech zu Lëtzebuerg op?
4. Ass et richteg, datt d'Lëtzebuerger Police Bescheed weess iwwer eng nordafrikanesch Grupp, „Goldkette"-Gang genannt, déi vun Diddenuewen aus operéiert?
5. Gëtt et Kontakt tëscht der Lëtzebuerger an der franséischer Police iwwer dës Grupp?
6. Wou sinn déi zwee supposéiert Krimineller (am Respekt vun der Onscholdsvermuddung), déi den Iwwerfall op de Lëtzebuerger Journalist ze veräntweren hunn, haut - am Prisong. respektiv zu Dräibuer oder scho nees op fräiem Fouss? Gouf déi behaapte Mannerjähregkeet vun enger vun deene zwou Persoune kontrolléiert? Wat as dobäi eraus komm?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten